

Rolf Salomon

Eng Moss kroopt sech de Goss

(Heiße Bräute machen Beute)

E Kriminalkomédistéck

*Aus dem Däitschen an d' Lëtzebuergesch adaptéiert vum
ROBY ZENNER*

E 902

Bestëmmunge fir d'Opféierungsrecht

D' Recht fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck kritt een duerch de Kaf vun de Bicher, wéi de Verlag se virschreift an duerch d' Bezuele vun enger Taxe. Fir all Widderhuelung bzw. weider Opféierung vum Stéck muss virun der Opféierung eng Taxe, déi vum Verlag festgesat gëtt, un den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße bezuelt ginn, deen dann d' Erlaabis fir d' Opféierung gëtt. Di Taxe bedréit 10% vun alle Recetten bei enger Mindesttaxe, déi beim Verlag unzufroen ass.

Dës Bestëmmunge gëllen och fir Manifestatiounen fir e gudden Zweck an Opféierungen a geschlossene Gesellschaften ouni Recetten.

Onerlaabt Opféierungen, onerlaabt Ofschreiwen, Vervielfältegen oder Verléine vun de Rolle mussen als Verstouss géint d' Recht vun den droits d' auteur verfollegt ginn. De Bühne géintwuer als Handschrëft gedréckt.

All Rechter, och déi vun der Iwwersetzung, der Verfilmung, dem Iwwerdroen am Radio an an der Televisioun si virbehalen.

D' Recht fir d' Opféierung gëtt ausschliisslech den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße.

Fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck ass de Kaf vun 8 Textbicher an d' Bezuele vun enger Taxe virgeschriwwen. Zousätzlech Textbicher kënnen zum Katalogspräis no bestallt ginn.

Kuerzen Inhalt vum Stéck

Ouni Suen huet een et net liicht, mee mat zevill Suen awer och net. Dat ginn di dräi Laien- Bankraiberinne Viviane, Jeanny a Lisi um eegene Leif gewuer: Wéi mécht eng Fra hirem Mann, dee vun näischt eppes weess, kloer, firwat op eng Kéier dräi grouss Dreckstuten am Gank stinn an op kee Fall dierfen an d' Dreckskëscht gehäit ginn? Firwat d'Frëndin Jeanny op eemol Fränz heescht, de Schneidbrenner op eng Kéier aus dem Atelier verschwonnen ass a firwat ee ganz

schwarz am Gesiicht ass? Zu deenen extra ausgeduechten Ausrieden, déi d'Bankabriecherin Viviane hirem Mann Erwin opdëscht, dee lues a lues mësstrauesch gëtt, komme leider nach onerwaart an onerwünscht Leit op Besuch derbäi: di virwëtzig Nopesch, déi ëmmer "eppes wëllt gesinn hunn", dee léiwe Polizeikommissär, deen ouni e Verdacht ze hunn de Schneidbrenner zeréck bréngt, op deem e Schëld mam Numm steet an en erpressereschen italiéinesche Mafioso. Dat si Problemer, virun deenen och gestane Bankraiber géife kapituléieren.

Spilltyp: Kriminalkomédistéck
Bühnebild: Wunnzëmmer mat engem lesseck.
3 Akten
Acteuren: 3 Hären a 4 Dammen
Spilldauer: Ongeféier 135 Minutten
Opféierungsrecht: Akaf vun 8 Textbicher an eng Taxe

Persounen:

Viviane, Bankraiberin
Jeanny, Bankraiberin
Lisi, Bankraiberin
Erwin, dem Viviane säi Mann
Madame Braun, Nopesch
Paul Schiltz, Polizeikommissaire
Giuseppe Attolini, italiéinesche Gauner

1. Akt

Persounen:

Viviane, Lisi, Jeanny, Erwin

Am fréie Muergen. Alles ass ganz roueg. Et ass däischter. D'Viviane an d'Lisi komme virsiichteg an d'Wunneng vum Viviane. Jiddereent dréit e grouse Sak.

Viviane:

(pëspert)

Silence! Silence! Pssst, net esou haart. Den Erwin schléift jo nach.

Lisi:

(pëspert)

Ech hunn dach guer näischt gesot.

(D'Lisi stéisst eng Vase ëm, déi op de Buedem fällt)

Viviane:

Herrgott, da pass dach op!

Lisi:

Wéi soll ech dann oppassen, wann et esou däischter ass. Ech gesi jo iwwerhaupt näischt.

Viviane:

Da maach d' Aen op. Soss gesäis de dach ochalles.

Lisi:

Sinn ech dann e Maulef? Firwat méchs de dann d' Luucht net un? Mir si jo elo a Sécherheet.

Viviane:

Dat stëmmt eigentlech.

(D'Viviane schlächt bei de Luuchteschalter a mécht d'Luucht un. Elo gesäit een, datt di Dammen donkel

Kleeder a schwaarz Händschen un hunn. Jiddereng huet eng Mutz um Kapp. Ausserdeem hunn se sech d'Gesicht schwaarz bemoolt)

Lisi:

Sou ass et scho vill besser.

(D'Lisi zitt d'Mutz vum Kapp. D'Viviane kuckt sech d'Vase un, di um Buedem läit)

Viviane:

(besuergt)

Mäi Gott, du hues d'Vase erof gehäit. Hoffentlech ass se net futti.

Lisi:

Neen, déi ass nach ganz. Oder hues du et rabbelen héieren?

(D'Viviane hieft d'Vase op a bemustert se genee)

Viviane:

(erlichtert)

Stëmmt, si ass nach ganz. Ee Gléck!

(D'Viviane stellt d'Vase erëm op hier Plaz, houfreg)

Du muss wëssen, di Vase hei ass nämlech e Kado vum Erwin fir eisen 20. Hochzäitsdag.

Lisi:

Eppes Besseres ass deem wuel net agefall?

Viviane:

Wisou? Déi ass dach ganz schéin.

Lisi:

Déi kriss de dach all 14 Deeg am Cactus no gehäit.

Viviane:

Wat s du net sees. Du bass jo nëmme jalous, well s d' esou eppes net méi geschenkt kriss, zënter datt de Carlo dech verlooss huet.

Lisi:

(ausser sech)

Looss de Carlo aus dem Spill. Deen Eefalt! Dat ongeheiert Männerschwäin! Wann ech nëmmen un deen denken, dann ...

Viviane:

't ass jo gutt. Ech gesinn, du hues di Saach nach net ganz verschafft. Et si jo och eréischt fënnef Joer hier. A virun zéng Joer, wéi s du e kenne geléiert hues, wars de op d'mannst ëm d'Halschent méi liicht!

Lisi:

Wat wëlls de dann domat soen?

Viviane:

Ech? Näischt!

Lisi:

(gereizt)

Dann ass et jo gutt!

Viviane:

Wëlls d' e Kaffi?

Lisi:

O jo.

(D'Viviane geet an d'Kichen)

Viviane:

(vun dobaussen)

Wann s de nëmmen d'Halschent vun deem gefriess häss, wat s de a Wierklechkeet alles an dech erageschöppt hues, da wier e vläicht nach bei der!

Lisi:

Elo geet et awer déck duer. Du wëlls dach net soen, datt de Carlo mech verlooss huet, nëmme well ech e bësse méi korpulent gi sinn?

(D'Viviane kënnt mat enger Thermosfläsch a

Kaffigeschier zeréck a stellt alles op den Dësch)

Viviane:

Firwat net? D'Männer sinn nun eben esou!

(D'Viviane schëtt de Kaffi raus)

Lisi:

Och wat. So mer léiwer, wou ech dëse blöde Sak histelle soll. E gëtt e bësse schwéier mat der Zäit.

Viviane:

Stëmmt, hat ech ganz vergiess. Stell en einfach do an de Gank. Ech verstoppen se da mi spéit am Keller.

(D'Lisi stellt de Sak an de Gank an d'Viviane säi grad esou.

Da sëtzen se sech un den Dësch)

Lisi:

Sou, dat hätte mer.

Viviane:

Jo, dat hätte mer. Dat war eigentlech guer net esou schwéier.

Lisi:

Stëmmt. Dat war jo bal e Kannerspill. Ramarschéieren, den Trésor opschweessen, d'Suen apaken an erëm heem. Mee ech muss der eent agestoen: Ech war ganz schéin nervös.

Viviane:

Ech och, Lisi. Mäi Gebëss huet ganz schéi geklabbert, dat kann ech der soen. Vu lauter Opreegung wier et mir bal aus dem Monnt gefall. Mee op där anerer Säit - sou einfach hunn ech nach ni Sue verdénkt.

Lisi:

Mee mengs de net, dass déi vun der Bank elo ganz schéi sauer sinn?

Viviane:

Natierlech sinn déi elo sauer. Mee si sollen elo keng opféieren. Sou en Iwwerfall op eng Bank - eng "attaque de banque" - dat ass jo di beschte Reklamm fir déi. Eigentlech sollte mer nach eng extra Prime duerfir froen.

Lisi:

Wuerfir?

Viviane:

(lacht)

Vergiess et, Lisi. Elo si mir Bankraiber. Ech sinn e "casseur de banque"! Du bass e "casseur de banque" an d'Jeanny ass och e "casseur de banque"! Du, d'Jeanny an ech, mir sinn alleguer ...

(Di zwee bekucken sech erschreckt)

Lisi:

Mäi Gott, mir hunn d'Jeanny vergiess. An där ganzer Hektik hunn ech iwwerhaupt net méi un hatt geduecht.

Viviane:

Ech och net. Dat wäert hatt eis ni verzeien.

Lisi:

(besuergt)

Bestëmmt gëtt dat elo an Handschelle matgehall.

Viviane:

Donnerkäil, wat maache mer dann elo?

Lisi:

Vläicht sollte mer et sichen?

Viviane:

Bass du verréckt? Mir kënnen dach elo net erëm zeréck an d'Bank. Dat ass dach dee schlëmmste Feeler vun engem Kriminellen - zeréck op d'Plaz - "le lieu du crime" - ze goen. An ausserdeem, wat solle mer dann do? Do wimmelt et dach bestëmmt scho vu Polizisten. Da gi mir hannen um Enn och nach gepëtzt. Denk dach mol no, Lisi. Mir musse vun elo un rational denken an däerfen eis net duerch eis Gefiller leede loossen.

Lisi:

Ech hu jo nëmme gemengt, datt mir dohinner schläichen, fir ze kucken, wat do lass ass a wat se mam Jeanny maachen.

Viviane:

Nix da! Dat ass vill ze geféierlech. Dee Risiko kënne mer net agoen. Ech froe mech nëmme, firwat hatt net aus der Bank komm ass?

Lisi:

Vläicht huet et nach Kontoauszich aus dem Automat geholl?

Viviane:

Oder et huet sech nach geschminkt.

Lisi:

Stëmmt. Vläicht huet et an der Bank e schéine kleng Spigel entdeckt, laanscht deen et net konnt kommen.

Viviane:

Sou wäert et wuel gewiescht sinn. Dat donnert sech jo schonn op, wann et nëmme d'Trap am Gank botzt. Ech kennen et net anescht wéi mat Schmink am Gesiicht. An dann eréischt seng Fangerneel. Déi sinn säi grousst Hellegtum. Do dierf näischt drukommen, soss ass der Däiwel lass. Firwat bass du och esou séier fortgefuer, Lisi? Du weess dach, d'Jeanny huet et am Réckkräiz. Dat kann einfach net méi sou séier rennen.

Lisi:

Wat hätt ech da solle maachen? Ech war fir den Auto zoustänneg, mat deem mer eis weg gemaach hunn, an esou en Auto ass derfir do, fir sech weg ze maachen. Ausserdeem hat ech Angscht, datt de Motor géif ausgoen. Di ganz Këscht huet dach esou komesch getuckert.

Viviane:

Jo, dat war e fantastesche Fluchtauto. Sou haart wéi eng ganz Panzerkompanie. Datt mir net sämtlech Awunner am mkrees vun zéng Kilometer waakreg gemaach hunn, verstinn ech nach ëmmer net. Déi hunn dach bestëmmt gemengt, d'Russe kéimen.

Lisi:

Sou schlëmm war et dach guer net.

Viviane:

Wat s du net seess. Mir päife jo elo nach d'Oueren vun deem Kaméidi. Mee dat Gréisst war, datt di Kar no 500 Meter de Geescht opginn huet a mir de Rescht hu mussen zu Fouss goen. Wou hues de dann eigentlech di Schlüsselen hier?

Lisi:

Ma beim Schrotthändler. Deen huet gesot, deen Auto do wär mat dat Bescht vun Zouverlässegkeet a bestëmmt géif en nach zwéi Kilometer fueren. Du hunn ech geduecht, dat ass genee dat Richteg.

Viviane:

Jo, wéi eis dat hënnescht Rad iwwerholl huet, dunn hunn ech och bei mir geduecht, dësen Auto kann net méi wäert si wéi zwéin Euro.

Lisi:

War en och net. En huet genee zwéin Euro kascht. E Schnäppchen. Fir méi ass et eben net méi duergaang. Gräif emol enger plakeger Fra an d'Täsch. Ausserdeem, firwat hu mer dann di Bank iwwerfall?

Viviane:

Ma well mer keng Suen hunn. Mir sinn esou platt wéi eng Fläsch eidel ass. "Arm am Beutel, krank am Herzen", wéi de Goethe scho gesot huet.

Lisi:

Eben, well mer keng Suen hunn. Vill méi hätt ech souwisou net kënne fir en Auto ausginn. So mol, Viviane, wéivill hu mir dann eigentlech geklaut?

Viviane:

Ech schätze mol, esou ëm di zwou Milliounen. Domat kann ech dem Erwin senger Firma eng Finanzsprëtzt ginn an e kënnt erëm aus de rouden Zuelen. Ausserdeem ass en dann net méi esou néiergeschloen. Et hëlt ee jo awer alt ferrem mat. Weess de, Lisi, ech beliewen esou gewässeremoossen d'Économie an ech maachen eppes fir eist Land. Vläicht kënne mer dann nach e Léierjong astellen, soss ass dat jo guer net méi ze bezuelen. Ech brauch mir also keng Scholdgefiller anzerieden. Ausserdeem, der Bank deet dat net wéi.

(D'Lisi schléit d' Hänn um Kapp zesummen. Et schwärmt)

Lisi:

Zwu Milliounen! Mir si räich, Viviane. Dat bedeit Schéinheitsfarmen, Cellulite-Massagen, Hautstraffung, Call-Boys, wäiss Sandstränn mat hellbloem Waasser, stramm Schilehrer, muskelprotzeg Personality-Trainer, Männerkierper am Schweess, blénkeg Haut - sou zaart an dach esou haart!

(D'Viviane kuckt et entgeeschtert un)

Viviane:

Mir hunn dach d'Bank net geplëmmt, fir dass du nëmme nach Vakanz maachen a Männer joe kanns. Dann hues de dän Undeel jo direkt verpolvert.

Lisi:

Dat si jo nëmme Dreem, Viviane. An Dreem soll ee liewen!

Viviane:

Ma dat si mir schéin Dreem. Du schéngs et jo ganz schéin néideg ze hunn. Wann een dech esou héiert, kinns du eng ganz Fussballséquipe an enger halwer Stonn vernaschelen.

Lisi:

(beleidegt)

Aus dir schwätzt nëmme dee puren Näid, Viviane.

Viviane:

Datt ech net laachen.

Lisi:
Ausserdeem ass dat meng Revanche un de Männer.

Viviane:
Wéisou, bass de sou schlecht am Bett?

Lisi:
Ha, ha, ha. Do huet nach keen sech beklot. Mee so emol, wéi gesäit et dann eigentlech esou mat dir a mam Erwin aus?

Viviane:
(*onsécher*)
Wéi - wéi gesäit et aus?

Lisi:
Du weess schonn - sexméisseg eben.

Viviane:
(*mécht esou, wéi wann et net géif verstoen*)
Sexméisseg? Amour?

Lisi:
Du kaschs mech dee leschten Nerv, Viviane.

Viviane:
Du mungs, wann zwee Mënschen an d'Bett ginn, fir de Geschlechtsakt ze vollzéien?

Lisi:
Dat kléngt wéi e Professor Dokter Gynäkolog. Also, wéi gesäit et aus. Erziel schonn!

Viviane:
(*dréit ronderëm de Bräi*)
Also, wann s du mech esou frees, Lisi, wann s du mech esou frees, an du frees mech jo sou, dann äh dann ...

Lisi:
Jo - an? Wat ass?

(*Et schellt un der viischer Dier. D'Viviane an d'Lisi fueren erféiert zesummen*)

Lisi:
(*pëspert*)
Dat ass bestëmmt d'Police.

Viviane:
(*pëspert*)
Sou séier?

Lisi:
(*pëspert*)
Vläicht hunn se d'Jeanny gepëtzt, an dat huet eis verroden.

Viviane:
(*pëspert*)
Himmel. Du mungs, se hätten et mat enger méi klenger Strof ugelackelt?

Lisi:
(*pëspert*)
Ganz sécher.

Viviane:
(*pëspert*)
Dat bréngen ech ëm!

(*Et schellt erëm*)

Lisi:
(*pëspert*)
Vläicht häss de einfach solle bei d'Dier goen an opmaachen.

Viviane:
(*pëspert*)

A wann hannert der Dier Type mat Revëlver stinn a mech einfach néiermaachen?

Lisi:
(*pëspert*)
Dee Risiko muss de schonn agoen.

Viviane:
(*pëspert*)
Vläicht geheien se och Handgranaten duerch d'Fënster. Oder Niewelbommen! Méiglecherweis hunn se jo och e bëssen Napalm bei sech!

Lisi:
(*pëspert*)
Dajee, maach virun!

Viviane:
(*pëspert*)
Di ganz Affaire hei geet mer jo elo schonn un d'Nerven. Sou e Bankraiber huet et ganz schéi schwéier.

Lisi:
(*pëspert*)
Da maach elo endlech op, ier den Erwin duerch dat Schellen erwächt.

Viviane:
(*pëspert*)
Dat ass en Argument.

(*D'Viviane steet op, geet bei d'Dier a mécht se op. D'Jeanny kënnt eran. Et dréit schwaarz Kleeder an eng Mutz um Kapp, säi Gesiicht ass schwaarz gefierft. Et dréit och e Sak*)

Jeanny:
(*als Virwurf*)
Dauert dat ëmmer esou laang, bis hei ee bei d'Dier geet?

Viviane:
Mir hu gemengt, et wier d' Police.

Jeanny:
D'Police - esou e Quatsch.

(*Am Laanschtgoen geheet d'Jeanny d'Vase ëm*)

Viviane:
Di Vase, di Vase, pass dach op! Déi ass wäertvoll.

(*D'Viviane knéit néier, hieft d'Vase op a stellt se erëm op d'Plaz*)

Jeanny:
A wat soll da scho Besonnesches un dëser Vase sinn? Dat Dénge ass jo dee rengsten Duerchernee vu Goût. An déi géif ech net emol d'Äsche vu mengem Hugo doen.

Viviane:
(*zum Jeanny*)
Wann s du esou weider méchs, da fiers de mar de Muerge fréi mat der Zännbiischt am eidele Monnt!

Lisi:
(*zum Jeanny*)
Déi ass dach vun sengem Erwin fir de 15. Hochzäitsdag.

Viviane:
(*zum Lisi*)
Fir den 20.!

Jeanny:

't ass dach egal. Sou eppes kriss de dach am Cactus an der Reklamm nogehäit. Wou soll ech eigentlech dee verdammte Sak histellen?

Viviane:

Do hannen an de Gank - bei di aner.

(D'Jeanny stellt säi Sak an de Gank. Dann hält et sech de Réck un)

Jeanny:

Ahh, mäi Réckkräiz. Also, dacks iwverfale ech keng Bank méi, dat kann ech iech soen. Dat hält mäi Kräiz einfach net aus.

Viviane:

Dat muss d' och net. Elo hu mer et jo hannerun eis. Wëlls d' och e Kaffi?

Jeanny:

Jo, dee kinnt ech elo verdroen.

(D'Jeanny an d'Viviane setzen sech bei d'Lisi. D'Viviane schëtt de Kaffi raus)

Lisi:

(zum Jeanny)

So mol, wou këns du dann elo hier?

Jeanny:

(als Virwurf)

Dat frees du mech? Dir hutt iech jo ouni mech duerch d' Bascht gemaach!

Viviane:

(zum Jeanny)

Absolut net. Du wars einfach net séier genuch beim Auto, mat deem mer eis a Sécherheet bruecht hunn.

Lisi:

Maja, wou hues du dech dann erëmgedriwwen?

Jeanny:

Ech hunn nach eng Kéier mussen op d'Toilette.

Viviane:

(schléit d'Hänn um Kapp zesummen)

Dat schnapen ech net. Di Fra geet während dem Bankiwverfall nach op d'Toilette.

Lisi:

Also, Nerven hues de, dat muss een der scho loossen.

Jeanny:

Wann ech awer muss!

Viviane:

Häss de dann net kënnen zoupëtzten?

Jeanny:

't ass dach elo egal.

Lisi:

A wéi bass de danneraus komm?

Jeanny:

Ma wéi ech op der Toilette souz an den "Télécran" gelies hunn, hunn ech geduecht: "Huh, elo gëtt et awer Zäit". Ech also raus, hunn de Sak erwëscht an op d'Strooss. Vum Fluchtauto keng Spuer. "Déi al Drecksäck hunn sech ouni mech duerch d' Bascht gemaach", denken ech mir, du gesinn ech schonn die éischt Polizeiautoen ëm den Eck fueren. Ech huelen d'Been an de Grapp a renne lass. No deenen éischte

500 Meter gesinn ech eise Fluchtauto um Bord vun der Strooss leien. "Schäiss Kar", denken ech. Firwat hutt dir och mussen e franséischen Auto als Fluchtauto benotzen? Hätt een sech dann net kënnen e kleng VW oder en Opel besueren? Neen. Et muss jo onbedéngt eppes Franséisches sinn!

Viviane:

(beleidegt)

Nu so awer näischt géint franséisch Autoen.

Jeanny:

Ech weess, du bass Franséisin an ech wëll dir net ze no trieden, mee ech soen dir, all franséisch Autoe si schäiss!

Viviane:

Sinn se net!

Jeanny:

Sinn se dach!

Viviane:

Sinn se net!

Jeanny:

Sinn se dach!

Viviane:

Sinn se net!

Jeanny:

Sinn se dach!

Lisi:

(geet energesch dertëschent)

Roueg elo! Dat ass jo wéi an der Spillschoul!

Viviane:

(weist op d'Jeanny)

Hatt huet ugefaang!

Jeanny:

Hunn ech net!

Viviane:

Dach, du hues!

Jeanny:

Hunn ech net!

Viviane:

Dach, du hues!

Lisi:

Roueg elo!

(D'Jeanny an d'Viviane setze beleidegt um Dësch, d'Äerm iwwereneen)

Lisi:

(zum Jeanny)

Gutt. Also, Jeanny, géings de dann elo wannechgelift wëlle weider erzielen!

Jeanny:

Wann et muss sinn. Also, wéi ech do di blöd franséisch Kar gesinn hunn, déi gebrannt huet, dunn denken ech ...

Viviane:

(erschreckt)

Wat? Den Auto huet gebrannt? Au feu?

Jeanny:

An der Däischtert huet et gebrannt wéi eng Fakel. Also, ech denken: "Verflucht, et huet di béid zerrass." A wéi ech laanscht gelaf sinn, hunn ech dra gekuckt a gesinn, dass dir

net dra waart. Direkt hunn ech neie Courage kritt a mech schliisslech bis heihi geschleeft.

Viviane:
(zum Lisi)

Ah sou? Eise Fluchtauto huet gebrannt? Wéisou dann dat?

Lisi:
(verleeën)

Äh, vläicht eng Feelzündung oder e Kuerzen!

Jeanny:

E franséischen Auto eben!

Viviane:
(zum Lisi)

Da kënne mer jo vu Gléck schwätzen, datt mir net och nach mat drop gaange sinn. Wa mer nach eng Kéier eppes esou maachen, da gëss d' eppes méi wéi zwéin Euro fir de Fluchtauto aus. Hues de dat verstan, Lisi? Hunn ech mech kloer an däitlech ausgedréckt?

Lisi:

Äh, jo, Viviane. A wat maache mer elo?

Viviane:

Ofwaarden. Mer mussen ofwaarden, wat elo passéiert.

(D'Jeanny steet op, hëlt d'Mutz vum Kapp a kuckt sech an de Spigel, deen un der Mauer hänkt)

Jeanny:

Also, ech ginn herno bei de Coiffeur. Di blöd Mutz versaut engem jo all Coiffure.

Lisi:

Dat ass eng gutt Iddi, Jeanny.

Jeanny:
(zum Lisi)

Du kanns jo matgoen.

Lisi:
(zum Jeanny)

Dat maachen ech och, mäi Léift.

Viviane:
(spëttesch)

Sou wi ech iech kennen, hutt dir d'Sue fir Rendezvouse beim Coiffeur an an de Schéinheitsfarmen an zwee Joer verpolvert.

Jeanny:

Quatsch.

Viviane:

A kaum beim Coiffeur fänken di Dammen un, iwwert hier Aventuren ze traatschen.

Lisi:

Also, wéi kënns de dann op esou eppes?

Jeanny:

Ech hale mäi Monnt, do kanns de Gëft drop huelen. Ech loosse mer just e puer Welle brennen an ...

Viviane:

A propos brennen, wou ass eigentlech de Chalumeau?

Lisi:

Chalumeau?

Viviane:

Jo, de Schneidbrenner. Deen, mat deem mer den Trésor opgeschweest hunn.

Jeanny:

Oh, deen hunn ech do leie gelooss. Ech war jo esou presséiert!

(D'Viviane sackt an sech zesummen)

Viviane:

Ma bass du dann nach ze retten? Hunn se dir beim Coiffeur d' Gehir weggebrannt? Idiotin!

Jeanny:

Wat hätt ech da solle maachen? Wann ech mer och nach d'Gasfläschen ënnert den Aarm geklemmt hätt, da wier ech dach keng dräi Meter wäit komm an dann hätten d'Flice mech gepëtzt.

Lisi:

Do si bestëmmt keng Fangerofdréck drop, Viviane. Mir haten dach Händschen un.

Viviane:

Dat schonn, mee op deem Schneidbrenner steet d'Adresse vum Erwin senger Firma: Erwin Schneider, Propangas-Schweesstechnik, 5, rue Neuve. Super - ech héieren elo schonn d'Handschelle klicken. Merci, Jeanny, fir di nächst zéng Joer Bing. Déi bréng mech wuel sécher an d' Bastille op Paräis. Zéng Joer Bastille huet nach keen iwwerlieft. Dat hues de awer richtig gutt gemaach.

Jeanny:

Allez. Dat géif dach ze vill an d'Ae stiechen. Fir esou blöd halen d'Flice kee Bankraiber.

Viviane:

E schéinen Trouscht, datt wéinstens mir esou blöd sinn.

Jeanny:

Dorëm géif ech mir absolut keng Suerge maachen.

Viviane:

Keng Suerge maachen? Op wat fir engem Boot liefs du dann? A wann d'Police opkräizt a wéinst dem Chalumeau freet?

Jeanny:

Da sees d' einfach, e wier geklaut ginn. - Wéini kréien ech eigentlech mäin Undeel?

Viviane:

Mir mussen d'éischt ofwaarden, bis sech di ganz Saach berouegt huet.

Jeanny:

Wéivill kréien ech dann eigentlech?

Viviane:

Esou ëm di 650 000 Euro.

Jeanny:

Dat ass net schlecht. So mol, Viviane, kinnt ech net schonn eng kleng Avance kréien?

Viviane:

Neen!

Jeanny:

Wannechgelift, wannechgelift!

Viviane:

Neen, hunn ech gesot. Firwat wëlls du dann elo schonn en Acompte?

Jeanny:
Abee, et ass esou. Wéi ech esou an der Zeitung gebliedert hunn, du hunn ech jo net vun esou enger immenser Offer gelies, di een einfach net ausschloe kann.

Lisi:
Wat fir eng Offer?

Jeanny:
E Ferrari - en 328er GTS. Sportéquipement, 1a Zoustand. Fir eng Klenggeheet vun 42 800 Euro! Do muss een dach zougräifen!

Viviane:
Du méchs mech krank, Jeanny. Neen, du kriss keen Acompte vu mir. A fir esou eppes scho guer net.

Jeanny:
Si haten och nach e Lamborghini. E Gallardo-E-Gear!

Viviane:
Neen!

Jeanny:
Dee kascht nëmmen d'Klenggeheet vun 122 800 Euro.

Viviane:
Neen, hunn ech gesot, an dobäi bleift et. Dir zwee behuelt iech awer wéi kleng Kanner. Dir misst awer e bësse méi professionell un di Saach eru goen.

Jeanny:
An dat seet grad di Richteg. Spillverderwer!

Lisi:
(zum Jeanny)
Komm, Jeanny, mir maachen eis elo weg.

Jeanny:
Genau. E bësse frësch maachen an herno begéine mer eis beim Coiffeur, Lisi.
(zum Viviane)
Da loosse mer di Spaassbrems hei eleng an hirem Jus mautschen.

Viviane:
(nach ëmmer sauer)
Är Problemer wéilt ech hunn.
(zum Jeanny)
Ausserdeem froen ech mech elo schonn di ganzen Zäit, wat s du beim Coiffeur méchs.

Jeanny:
(als Drohung)
Wat soll dat dann heeschen?

Viviane:
Ma bei dir gëtt et dach näischt méi ze flécken. Souguer wann een dech géif am Zoo ausstellen, da géifen d'Kanner dir keng Banannen a keng Kakuette ginn. Déi géife vu lauter Angscht fortlafen.

Jeanny:
(steet op)
Elo gëtt et awer héich Zäit! Du géifs jo mol net um Bal vun de Pygmäen opfalen, sou kleng bass de!

Viviane:
(steet och op)
An! Léiwer kleng wéi ellen!

Jeanny:
Ech sinn net ellen!

Viviane:
Dach, dat bass de!

Jeanny:
Sinn ech net!

Viviane:
Dach, dat bass de!

Lisi:
(fir anzerenken)
Elo berouegt iech emol erëm. Är Nerve sinn einfach iwwerstrapazéiert.

Viviane:
(grommelt)
Verbiage!

Jeanny:
(zum Viviane)
Du brauchst guer net esou an de Baart ze grommelen. Ech verstinn dat schonn!

Lisi:
An elo entschëllegt iech.

Viviane:
Entschëllegt. Excusez-moi!

Jeanny:
Et war meng Schold, Viviane. Ech hu mat deem verfluchte Schneidbrenner Mëscht gebaut. Mee wat hätt ech da solle maachen?

(D'Jeanny an d'Viviane sëtzen sech erëm)

Viviane:
't ass jo an der Rei. Mir mussen elo einfach do derduerch. Mir packen dat schonn. Sou e Liewen als Bankraiber ass net einfach, dat kann ech iech soen.

Jeanny:
(jäizt aus sech eraus)
Do - elo ass et passéiert!

Lisi:
(besuergt)
Wat ass dann, Jeanny?

Jeanny:
(jéimert)
O mäi Gott, mäi Gott. Méi eppes Schlëmme konnt jo net passéieren!

Viviane:
An, wat hu mer dann elo?

Jeanny:
Den Nol vu mengem Fanger ass ofgebrach!

(D'Viviane schléit d'Hänn virun d'Gesicht)

Viviane:
An ech hu scho gemengt, et wier eppes Schlëmme.

Jeanny:
Dat ass eppes Schlëmme - jiddefalls fir mech. Dat ass bestëmmt op menger Flucht passéiert!

Lisi:
Weis emol hei!

(D'Jeanny weist dem Lisi säin ofgebrachene Fangerol)

Lisi:
(voller Matleed)
 Oh, wéi schrecklech!

Viviane:
(mécht wéi wann et Matgefill hätt)
 Oh, wéi terrifiant!

Jeanny:
 Da muss ech elo erëm an den Neelstudio. Wat dat erëm kascht! Nolverlängerung, Nolverstärkung, Colour-Gel, nach e puer Strass-Steng - oh jee, do kommen ech bestëmmt op 90 Euro!

Viviane:
 Looss et opschreiwen.

(D' Jeanny kuckt rosen op d'Viviane)

Jeanny:
 Komm, Lisi, mir ginn. D'Viviane huet kee Versteesdemech fir déi Saachen.

Lisi:
 Du hues recht.

(D'Jeanny an d'Lisi stinn op)

Viviane:
 Mir bleiwen um Telefon a Kontakt - wéi versprach. An net vergiessen, di aner Nimm unzeginn. Et weess ee jo ni, ob déi net den Telefon unzapen. Lisi, wéi war däin Numm?

Lisi:
 Jeannot. Mee ech géif léiwer Gusty heeschen.

Viviane:
 Bréng mech net an d'Graf.

Lisi:
 Also gutt, da sinn ech eben de Jeannot.

Viviane:
 An du, Jeanny?

Jeanny:
 Ech sinn de Fränz.

Viviane:
 Gutt. An ech sinn den Alphonse.

Lisi:
 Da kënne mer elo goen?

Viviane:
 Jo.

Jeanny:
 Äddi, Viviane.

Lisi:
 Äddi, bis geschwënn.

Viviane:
 Jo, au revoir.

(D'Jeanny an d'Lisi gi vun der Bühn. D'Viviane sëtzt eleng um Dësch)

Viviane:
 Iergendwéi hunn ech dat Gefill, dass dat mat deem Bankiwuerfall dach awer keng esou gutt Iddi war - besonnesch mat deenen doten zwee. Vläch sollt ech elo séier mäin Testament maachen, ier ech agelacht ginn.

(Den Erwin schluppt nach hallef am Schlof an am Pyjama mat enger Fläsch Béier eran)

Erwin:
 Moien.

Viviane:
 Bonjour, Erwin.

(Den Erwin sëtzt sech bei d'Viviane)

Viviane:
 So mol, wat wëlls de da schonn am fréie Muerge mat enger Fläsch Béier?

Erwin:
 O, weess de, ech hu mer geduecht, well d'Geschäft souwisou net leeft, bleiwen ech hei a fänken den Dag emol sou richteg "richteg" un.

Viviane:
 Ah, du mengs, wann s de säifs, da géif et besser goen?

Erwin:
(néiergeschloen)
 Munnechmol schonn, Vivi, munnechmol schonn.

Viviane:
 O, Erwin, et gëtt alles gutt, gleeft mer es. Tout s'arrangera. Maach der emol net esou vill Suergen. Dir Lëtzebuerger maacht iech souwisou ëmmer zevill Suergen.

Erwin:
 Ech weess, du wëlls mech tréischten, Vivi, mee et assalles esou schlëmm. Wann et net geschwë besser leeft, da kann ech Faillite umellen.

Viviane:
 Kapp héich, Erwin, dat sti mer och nach duerch.

Erwin:
 Weess de wat, Vivi? Nenn mech dach nach emol "klenzt Kaweechelchen" op Franséisch. Dat klénzt esou séiss.

Viviane:
 Wann ech dir domat hëllef kann. Mon petit écureuil.

Erwin:
 Ah, dat deet gutt! Mon petit écureuil. Elo geet et mir scho vill besser. Mee so emol, firwat bass du dann eigentlech esou fréi op?

Viviane:
(fort mat de Gedanken)
 Ech? Ech, äh, ech war mam Hond eraus.

Erwin:
 Mee mir hunn dach guer keen Hond.

Viviane:
 Ah, duerfir hunn ech deen och net fonnt!

Erwin:
 Ech mengen, du dréis lues a lues duerch, Vivi.

Viviane:
 Ech?

Erwin:
 Jo, du. A firwat bass d' eigentlech esou schwaarz am Gesiicht?

Viviane:
 Ech war nach am Kuelekeller an ech hunn nach e puer Brikette gesicht.

Erwin:

Wéi dann? Ma mir hëtze jo scho jorelaang mat Gas! Mir hunn dach keng Briketten, Vivi, an e Kuelekeller scho guer net.

Viviane:

Ech weess, ech weess. Ech hat eben d'Crème fir den Dag mat där fir d'Nuecht verwiesselt.

Erwin:

Zënter wéini ass dann eng Crème fir d' Nuecht schwartz?

Viviane:

Also, Erwin, eng Dagescrème ass hell wéi den Dag an eng Nuetscrème donkel wéi d'Nuecht - also schwartz. Dat ass, datt een se net verwiesselt.

Erwin:

Ech mengen, mat dir hëlft et e fierchterlecht Enn.

Viviane:

Dat huet et schonn, Erwin. D'Enn ass no bäi.

Erwin:

Ech kommen do iergendwéi net no.

Viviane:

Dat mécht och näischt. Weess de wat? Ech maachen elo mol de Radio un. E bësse Musek wäert eis d'Laun verbesseren.

(D'Viviane steet op a geet bei de Radio, mécht en un. Et héiert een d'Meldung vun deem Bankiwverfall. D'Viviane lauschtert gespaant no)

Radiospriecher:

An elo eng speziell Matdeelung. Haut an der Nuecht ass zu (...) an der Spuerkeess agebrach ginn. D'Déif hu ronn 2 Milliounen Euro matgoe gelooss. Hire Fluchtauto, en urale Modell vun der Marque Peugeot, Baujoer 1938, ass nëmme 500 Meter vum Tatort fonnt ginn. E war ausgebrannt. D'Täter wollte wuel all méiglech Spueren zerstéieren an hunn sech wahrscheinlech mat engem weidere Fluchtauto duerch d'Bascht gemaach. Fir all Renseignement an Hiwäiserricht iech wannechgelift un d'Police. An elo geet et weider mam Superhit (...)

(D'Viviane schallt de Radio aus)

Viviane:

Ech hunn en ausgemaach.

Erwin:

Jo, dat ass gutt gemaach.

Viviane:

De Radio ass och net méi dat, wat en emol war.

Erwin:

Wiem sees d'et, Vivi, weem sees d'et.

Viviane:

Déi bréngen nëmme nach Mëscht, fënns du net?

Erwin:

Do hues de recht, Vivi.

Viviane:

Weess de wat? Ech ginn elo an d'Buedzëmmer a maache mech e bësse frësch.

Erwin:

Dat ass eng gutt Iddi, Vivi.

(D'Viviane geet)

Erwin:

Also, e bësse duerchgeknallt ass et haut schonn, mäi Vivi. Wahrscheinlech ass et e bësse iwverlaascht.

(Den Telefon rabbelt. Den Erwin geet drop)

Erwin:

Erwin Schneider - Propangas-Schweesstechnik. Wien ass do? De Fränz? Ech kenne kee Fränz. Ob den Alphonse do ass? Hei gëtt et keen Alphonse. Ech mengen, Dir sidd falsch verbonnen. Ah, Dir wollt mat menger Fra schwätzen? Neen, déi ass am Buedzëmmer. Dat ka bestëmmt méi laang daueren. Dir wësst jo, wéi dat esou ass, wa Fraen sech nonee maachen. Wéi, wat soll dat heeschen? Et ass jo scho gutt! Et sollt näischt heeschen. Soll ech eppes ausrichten? Neen? Ah, Dir rufft méi spéit erëm un? Abee gutt, da bis méi spéit.

(Den Erwin hänkt an, nodenklech)

Wat war dat da fir e komesche Kauz? Fränz - Fränz! Nach ni héieren. A wie kann dat da sinn? An seng Stëmm war ongewinnt hell. E komesche Borscht, dee Fränz. A wie soll deen Alphonse nëmme sinn? Komesch. A wat wëllt dee Fränz vu menger Fra? Soll d' Vivi éieren eppes mat deem hunn? Vlächet ass et duerfir esou duercherneen! Ach, neen. Ech mengen, ech dréien och lues a lues duerch.

(Den Erwin iwverleet kuerz)

Ech huelen elo mol d'Zeitung. Mol kucken, wat haut nach esou passéiert ass.

(Den Erwin verléisst d'Zëmmer. D'Viviane kënnt aus dem Buedzëmmer)

Viviane:

Wie war dann um Telefon, Erwin? Erwin? Wou bass de dann? Wou dreift en sech dann elo erëm rëm? Vlächet war jo d'Police um Telefon. Di Ongewëssheet mécht mech nach ganz verréckt. Dat ass jo net fir auszehalen. A wéi maachen d' Bankraiber dat nëmme? Wéi verkraften déi dee ganze Stress? Vlächet sollt ech mer e puer Hoffmanns-Drëpsen an der Apdikt besuerge. Oder Baldrian oder Temesta. Déi solle jo och net schlecht sinn. Am beschten ass et, ech besuerge mir di zwee, da kann näischt schief goen.

(Den Telefon rabbelt)

Viviane:

(erschreckt)

Hoffentlech ass dat net d' Police!

(Et hieft op. D'Viviane um Telefon)

Fränz? Wat fir e Fränz? Ah, Jeanny, du bass et. Firwat sees de dat dann net direkt? Wéinst der Leitung, déi ugezaapt gëtt? Oh, entschëlleg, Fränz. Dat hat ech ganz vergiess!

(Den Erwin kënnt mat der Zeitung erëm eran a lauschtert no)

Viviane:

Neen, Fränz, et ass nach näischt geschitt. Bis elo assalles an der Rei. Hues du d'Norrichten héieren?

(D'Viviane dréit sech ëm a gesäit den Erwin)

Viviane:

(um Telefon)

Oh, ech mengen, mir mussen elo Schluss maachen, Fränz. Äddi.

(D'Viviane hänkt an)

Viviane:

Do bass de jo. Ech hu mer schonn esou vill Suerge gemaach.

Erwin:

A wien der Däiwele ass dann dee Fränz? Deen huet elo virdru schonn eng Kéier ugeruff.

Viviane:

De Fränz? Du brauchst der do emol keng Gedanken ze maachen. Wann s d' et genee wësse wëlls, de Fränz, dat ass d'Jeanny. Mee dat muss ënner eis bleiwen.

Erwin:

(kuckt et voller Suergen un)

Verheemlechs du mir eppes, Vivi? Esou lues fänken ech un, mir Suergen ëm dech ze maachen. Wat erzielt du mir do eigentlech fir en Onsënn - vu wéinst de Fränz wier d'Jeanny.

Viviane:

Dat ass nun eben emol esou, mee dat verstees du net. Vergiess et einfach, Erwin. Et ass esou schéin, dass du erëm do bass. Wann et nach méi laang gedauert hätt, da wier ech glat duerchgedréit.

Erwin:

Ma ech war dach nëmme kuerz do ënnen.

Viviane:

Do ënnen? Wat hues de dann do gemaach?

Erwin:

Ma ech hunn nëmme d'Zeitung geholl an dobäi nach den Dreck an d'Dreckschëtt gehäit.

Viviane:

Wat fir en Dreck?

Erwin:

Mee di dräi Säck, di am Gank stoungen.

RIDDO

2. Akt

Persounen:

Viviane, Madame Braun, Commissaire Schiltz, Jeanny, Lisi, Erwin

(D'Viviane telefonéiert)

Viviane:

Jo, jo, a stell der mol vir, Jeannot, du huet den Erwin jo net di ganz Säck bei d' Dreckschëtt rof bruecht. Wat? Ma wann ech dir et dach soen. Ech sinn du wéi e Mëllt erof gerannt an hunn se erëm rop geholl. Ech hunn se elo hannert de Canapé gedruddelt an ...

(Den Erwin kënnt an d'Zëmmer a lauschtert no. D'Viviane gesäit en)

Mir mussen elo Schluss maachen, Jeannot. Also, bis méi spët.

(D'Viviane hänkt an)

Äh, moi, Erwin. Mon petit écouille!

Erwin:

So elo näischt, Vivi. De Jeannot ass net de Jeannot.

Viviane:

(erstaunt)

Du bréngs mech ëmmer erëm un d' Staunen, Erwin. Wéi recht hues de. De Jeannot ass nämlech d'Lisi. Mee net weider soen.

(Den Erwin rëselt de Kapp. Et schellt. D'Viviane firt zesummen)

Viviane:

Géings du wannechgelift opmaachen, Erwin? Wann et d'Police ass, so, ech wier net hei.

(Den Erwin rëselt de Kapp, geet bei d'Dier a mécht op)

Erwin:

(rifft vum Gank aus)

Et ass d' Madame Braun!

Viviane:

Mäi Gott, déi huet mer grad nach gefeelt.

Erwin:

(rifft vum Gank aus)

Loosse mer se ran?

Viviane:

(rifft zeréck)

Jo, si soll rakommen.

(D'Madame Braun, d'Nopesch, stiermt eran. Den Erwin kënnt hannendrun)

Madame Braun:

(zum Viviane)

Bonjour, Madame Schneider.

Erwin:

(zum Viviane)

Ech ginn elo léiwer.

Madame Braun:

(zum Erwin)

Jo, maacht dat, Här Schneider.

Erwin:

An äddi!

Madame Braun:

Jo, äddi.

Viviane:

Bis méi spët, Erwin.

(D'Madame Braun sëtzt sech bei d'Viviane)

Viviane:

An, wat hutt Der dann um Häerz, Madame Braun?

Madame Braun:

Also, wësst Der, Madame Schneider, ech wëll jo net virwëtzig sinn ...

Viviane:

Dir a virwëtzig? Dir hutt dach dat Wuert selwer erfondt.

Madame Braun:

Ha, ha, ëmmer e kleng Spaass zur richteger Zäit.

Viviane:
Jo, jo. Also, wat ass dann?

Madame Braun:
Also, wéi ech haut de Muerge fréi, also et war ganz fréi, also zimlech fréi am Muergen ...

Viviane:
Wat war dann haut de Muerge fréi?

Madame Braun:
Also, wéi ech esou fréi reng zoufälleg duerch de Spioun an der Dier gekuckt hunn ...

Viviane:
Reng zoufälleg?

Madame Braun:
Na ja, Dir wësst jo, ech hunn esou en onrouege Schlof an ausserdeem ass och nach Vollmound. Wéi ech do esou a mengem Bett louch a keen A zougemaach hunn, du héieren ech jo net e puer Schrëtt am Trapenhaus.

Viviane:
Wéi ongewinnt!

Madame Braun:
Na ja, et war zimlech fréi, do ass dat schonn eppes Ongewéinlech. Ech also raus wéi d’Pompjeeën, op de Spioun an der Dier lass ...

Viviane:
... fir nëmmen näischt ze verpassen ...

Madame Braun:
... do gesinn ech jo net eng Gestalt - vun de Beweegungen hier huet et geschéngt eng Fra ze sinn.

Viviane:
Dat ass jo net ze gleewen. Eng Fra, di am Trapenhaus d’Trap erop geet.

Madame Braun:
A wësst Der, wat dat Komeschst un der ganzer Saach ass?

Viviane:
Dir wäert mir dat jo lo verroden.

Madame Braun:
Di Fra huet e Sak gedroen.

Viviane:
Wat Dir net sot! Vlächcht war et dem Kleeschen seng Fra.

Madame Braun:
Elo maacht Dir lech awer lëschteng iwwer mech, gell, Madame Schneider?

Viviane:
Ma neen, guer net. Ech hunn nämlech Besuch kritt, Madame Braun. Wat ass schonn do derbäi?

Madame Braun:
Sou fréi?

Viviane:
Heiansdo kann een sech säi Besuch net eraus sichen.

Madame Braun:
Do hutt Der och erëm recht. Ech wollt jo och nëmme kucken, ob bei lech alles an der Rei ass.

Viviane:
Alles an der Rei, wéi Der gesitt. An elo hunn ech nach ze dinn, wann Dir mech wëllt entschëllegen. Dir wësst jo, wou d’ Dier ass. Au revoir!

(D’Madame Braun mécht esou, wi wann se net verstan hätt)

Madame Braun:
Jo, mee firwat hat di Fra dann e Sak bei sech?

Viviane:
Dir wëllt awer och alles ganz genee wëssen. Di Fra do, äh, nun, déi Fra do ass meng Beroderin fir mäi Maquillage.

Madame Braun:
Allez, wat Dir net sot. Hunn di Beroderinnen dann net ëmmer esou eng kleng Valise bei sech?

Viviane:
Ma si hat déi vergiess, an du huet se dee ganze Schminkkrom an e Sak gehäit.

Madame Braun:
Mee zënter wéini kommen di Maquillage-Beroderinnen da schonn esou fréi?

Viviane:
Di Madame huet d’Fréischicht iwwerholl. Dat ass iwwerhaapt näischt Aussergewéinlech.

Madame Braun:
Majo, wann Dir dat sot. Sot, iwweregens, hutt Dir scho vun deem Bankiwwerfall héieren?

Viviane:
(mécht, wéi wann et näischt géif wëssen)
Wat fir e Bankiwwerfall?

Madame Braun:
Ma haut ze Nuecht hunn se dach d’Spuerkeess iwwerfall.

Viviane:
Ou? Dat ass jo net ze gleewen. An - Blessierter?

Madame Braun:
Souwäit ech weess net.

Viviane:
Ma dann ass jo alles an der Rei. Soulaang et keng Blesséiert ginn huet.

Madame Braun:
Also, ech fannen dat eng grouss Schwéngerei. Lauschtert, ech soen lech eppes, zënter Jore bréngen ech meng Suen op d’Spuerkeess, an elo gëtt déi geplëmmt. D’Déif hunn och meng Sue matgeholl. Dat huelen ech ganz perséinlech, Madame Schneider, dat kënnt Der mer gleewen. Also, wann ech ee vun deenen an d’Fanger kréien, dann ...

Viviane:
Ganz roueg, Madame Braun.

Madame Braun:
Och, do kann ech mech awer esou opreegen.

Viviane:
’t ass jo gutt. Ausserdeem, wann Dir lech scho beschwéiere wëllt, firwat riicht Dir lech dann net un d’Regierung, déi zitt lech dach schonn zënter Joren dee leschten Cent aus der Täsch.

Madame Braun:
Do hutt Dir recht, Madame Schneider. Wann ech nëmmen drun denken, da gëtt et mir ganz schlecht. De Rentebetrug klëmmt, mee d’Rent geet zeréck, an da muss een se och nach versteieren. Gott sei Dank muss mäi Fernand Gott getréischt dat net méi erliwwen. Dee wier op d’Barrikade

geklommen, dat kann ech lech soen. An dann d' Grondsteieren, d' Dokteschkäschten, d' Medikamenter, d' Krankekeesebeitrэг, d' Solidaritéitssteuer, d' Fleegeversécherung, d' Tubaksteieren, d' mweltkäschten, d' Dreckschächten, an da kann ech emol d' Käsche vum Steuerberoder net emol méi ofsetzen, an esou weider an esou weider. Wann een de Leit dat 1945 nom Krich gesot hätt ...

Viviane:

Da berouegt lech dach erëm.

Madame Braun:

Mee wat deenen Décken do uewen hier Peien ubelaangt, do sinn di Hären an Dammen direkt derbäi. Sou séier kann ee mol net kucken, dann hunn se hier Léin schonn erëm erop gesat. Wësst Dir, wéi ech dat fannen? Fir ze katzen, fannen ech dat!

Viviane:

Tja, wem sot der et?

Madame Braun:

Also, esou gesinn hunn ech iergendwéi eng Sympathie fir di Bankraiber. Dat waren der bestëmmt e puer mam RMG oder mam Mindestloun.

Viviane:

Also, ob déi vum RMG oder vum Mindestloun kommen, dat weess ech elo net.

Madame Braun:

Ech mengen, dat ware bestëmmt e puer Aarbechtsloser. Deene geet et jo ganz schéin dreckeg.

(Et schellt un der Dier. D' Viviane fiert zesummen)

Viviane:

Hoffentlech sinn et net d' Flicen.

Madame Braun:

Wat hutt Dir gesot?

Viviane:

Äh, dat ass bestëmmt d'Madame Flick.

Madame Braun:

Ah, erwaart Dir haut d' Madame Flick?

Viviane:

Neen, net haut, mee mar.

(D' Viviane steet op a geet bei d' Dier. D' Jeanny kënnt an de Gank. Et gesäit een et nach net)

Viviane:

(pëspert dem Jeanny a geet eraus)

Du muss elo eng Madame Flick spillen.

Jeanny:

(pëspert dobaussen)

Wat?

Viviane:

(pëspert dobaussen)

Fro elo net, maach et einfach!

Madame Braun:

Wien ass et dann?

Viviane:

(dobaussen)

Et ass d'Madame Flick, eng Frëndin vu mir! Et soll mer eng Int bréngen.

Madame Braun:

Ah, ma dat ass jo interessant!

(D' Viviane an d' Jeanny, dat total opgedonnert ass, betrieden d' Bühn)

Viviane:

Madame Braun, däerf ech virstellen: Dat ass meng Frëndin Olga, d' Madame Kossowski. Si ass polnescher Ofstamung.

(D' Jeanny geet op d' Madame Braun zou a gëtt hier d'Hand)

Jeanny:

Gudde Moien. Ech d' Madame Kossowski sinn. Ech sinn zu Warschau gebuer.

Madame Braun:

Ech sinn d'Madame Braun, d' Nopesch vun der Madame Schneider.

Jeanny:

Schéin.

Madame Braun:

Dat fannen ech awer elo ganz gentil, datt Dir extra bei d' Madame Schneider op Besuch kommt, fir hier eng Int ze bréngen.

Jeanny:

Eng Int?

Viviane:

Majo, Olga, d'Int. Hues du d' Int éiere vergiess?

Jeanny:

Ah jo, d' Int. Mee ech déi net matbruecht hunn, well si ass elo nach net fir ze schluechten.

Viviane:

Oh, dat ass awer schued.

Jeanny:

Oh, net schlëmm weider. Da méchs de ebe Polenta, ass eise polnesche Nationalmenü.

Madame Braun:

(duercherneen)

Ass dat dann net italiéinesch?

Jeanny:

Dir awer och alles wësst! Dir awer och ëmmer alles besser musst wëssen. Elo ass Olga beleidegt!

Viviane:

(zu der Madame Braun)

Guttgemaach, Madame Braun, elo hutt Dir se rose gemaach.

Madame Braun:

Dat wollt ech awer net. Awer eng Polenta ass dach italiéinesch, dat weess ech ganz genau.

Viviane:

Dat kënnt vläicht dohier, äh, wéi d'Italiéiner Pole besat haben, du hunn se ëmmer Polenta gemaach an d'Polen, äh, d' Polen hunn et dann einfach iwverholl. Et nennt ee jo Warschau och dat polnescht Venedeg.

Madame Braun:

Ou, dat wosst ech awer nach guer net.

Viviane:

(ironesch)

Wéi, dat wosst Dir nach guer net? Dat ass jo e richtegt Lach an Ärer Bildung.

Jeanny:
(zu der Madame Braun)
Jo, a wéi d'Pole méi spéit Italie besat hunn, du hunn d'Polen
ëmmer gebak Polka an d' Italiéiner hunn doraus Pozza
gemaach.

Madame Braun:
Pozza?

Jeanny:
Äh, Pizza. Ech natierlech menge Pizza.

Viviane:
Gesitt Der, Madame Braun, esou einfach ass d' Liewen.

(Den Erwin kënnt erëm eran)

Erwin:
Ah, Madame Braun, Dir sidd jo ëmmer nach hei!

Madame Braun:
Wéi Der gesitt.

Erwin:
(zum Jeanny)
Tsch, Jeanny.

Madame Braun:
(verwonnert)
Jeanny?

Viviane:
(zum Erwin)
Mee Erwin, dat ass dach d' Olga, d'Olga Kossowski.

Erwin:
(ganz duercherneen)
D' Olga Kossowski?

Jeanny:
Jo, ech Olga Kossowski si vu Warschau.

Madame Braun:
Vu Warschau?

Erwin:
Ech hu gemengt, d' Jeanny wier de Fränz?

Madame Braun:
(zum Viviane)
Stëmmt eppes net mat Ärem Mann?

Viviane:
Dach, dach, 't assalles an der Rei mat mengem Erwin. E
bëssen iwwerschafft, mee soss tadellos an der Rei. Gell,
Erwin?

Erwin:
Äh ...

Jeanny:
Sudetenland ist abgebrannt!

Erwin:
An elo ass d'Jeanny d'Olga. Ech kommen elo net méi no.

Madame Braun:
Ech och net.

Viviane:
Dat mécht guer näischt. Weess de wat, Erwin, du lees dech
elo am beschten e bëssen op d'Ouer.

Erwin:
Dat wäert wuel dat Beschtt sinn!

(Et schellt un der Dier. D' Viviane fiert zesammen)

Jeanny:
Oi, Besuch kënnt?

Erwin:
Ech maache mol op.

(Den Erwin geet eraus, fir opzemaachen)

Viviane:
Ech vermudde Schlëmmes!

Madame Braun:
(zum Jeanny)
D'Wolga geet jo duerch Russland, Madame Kossowitz?

Jeanny:
Kossowski, wannechgelift. Dat ass e sech ganz klenge
Säitenaarm bei eis vu Wolga. Nëmmen eppes ganz Klenges
esou. Verstitt Dir?

Madame Braun:
Ou, dat wosst ech guer net.

(Den Erwin kënnt mam Commissaire Schiltz eran)

Commissaire Schiltz:
Gudde Moien, Dir Dammen. Mäin Numm ass Scholtz, äh,
ech menge Schiltz natierlech - Paul Schiltz. Fir lech
Commissaire Schiltz.

(D'Viviane an d'Jeanny bekucken sech erféiert)

Jeanny:
Com... Comm... Commissaire?

Viviane:
Un commissaire?

Madame Braun:
E richtege Commissaire. Wéi opreegend!

Jeanny:
(opgereegt)
Ech elo direkt goe muss. Ech e wichtege Rendezvous um
Office social hunn.

(D' Jeanny steet op)

Viviane:
(zu der Madame Braun)
Elo kommt Dir awer op Är Käschten, Madame Braun. Dat
gëtt e richtegt Highlight an Ärem Liewen.

Madame Braun:
(pickéiert)
Aha, wat Dir net sot.

Viviane:
An d' Olga bleibt elo och nach e bëssen, gell?

(D'Viviane dréckt d'Jeanny op säi Stull)

Jeanny:
Wann s du wëlls, datt Olga bleibt, dann ech bleiwen, mee
net gär.

Viviane:
Jo, jo, 't ass jo gutt.

Commissaire Schiltz:
Keng Opreegung, Dir Dammen. Et assalles an der Rei.
Nëmmen e puer ganz kleng Froen ouni Bedeutung.

Erwin:
Ass eppes net an der Rei, Här Commissaire?

Commissaire Schiltz:
Sitt Dir den Här Schneider, Erwin Schneider?

Erwin:
(*e bëssen onsécher*)
Jo - wisou?

(*D'Viviane steet op a streckt dem Commissaire seng béid
Äerm entgéint, sou datt deen em nëmmen nach
Handschele brauch unzeleeën*)

Viviane:
Dir kënnt mech verhaften, Monsieur le commissaire Scholtz.
Ech gestinn alles an.

(*D'Jeanny bekuckt d' Viviane entsat*)

Commissaire Schiltz:
(*zum Viviane*)
A wee sidd Dir dann? An ausserdeem heeschen ech Schiltz!

Viviane:
(*weist op den Erwin*)
Ech sinn d'Fra vum Erwin an ech soen elo aus.

Commissaire Schiltz:
't ass scho gutt, Madame Schneider. Dir kënnt Är Mätzercher
elo si loossen.

(*D'Jeanny stéisst d'Viviane an d' Rëpper*)

Viviane:
Aua!

Jeanny:
Dat ass verréckte Fra mat engem komesch Humor, Här
Commissaire Schlotz!

Commissaire Schiltz:
Schiltz! Schiltz ass mäin Numm.

Viviane:
(*zum Commissaire*)
Mee wann ech awer e Geständnes wëll ofleeën? Dir kënnt
mer och elo schon d'Handschele undoen.

Commissaire Schiltz:
(*zum Viviane*)
Jo, jo, Madame Schneider. Maacht lech wannechgelift net
lëschtteg iwwer meng Aarbecht. An Handschele doen ech
lech och net un. Sou gär Dir dat och hätt. Wësst Der wat?
Sëtzt lech einfach erëm dohin a loosst mech meng Aarbecht
maachen.
(*zum Erwin*)
Also, Här Schneider, vermësst Dir e Chalumeau?

(*D'Viviane sëtzt sech erëm*)

Erwin:
E Chalumeau? Keng Ahnung. Da muss ech emol do ënnen
an der Firma nokucken.

Commissaire Schiltz:
Dat braucht Der net. Mir hunn nämlech Äre Chalumeau
fonnt.

Erwin:
(*iwwerrascht*)
Allez.

Viviane:
Elo geet et lass.

Commissaire Schiltz:
(*zum Erwin*)
Jo. Dir hutt dach bestëmmt vun deem Bankiwwerfall d'
lescht Nuecht héieren?

Erwin:
Flüchtteg. Am Radio just.

Commissaire Schiltz:
D'Abrieche hunn Äre Chalumeau benotzt, fir den Trésor
opzeschweessen.

Erwin:
(*erstaunt*)
Wat Dir net sot!

Madame Braun:
Dat do ass jo héich interessant!

Viviane:
Sou, dat war et!

(*D'Viviane steet erëm op*)

Viviane:
Monsieur le commissaire?

Commissaire Schiltz:
(*generft*)
Wat ass dann elo schon erëm, Madame Schneider?

Viviane:
Ech géif gär eng Ausso maachen.

Erwin:
(*zum Viviane*)
Vivi, wannechgelift, kinns de dat net si loossen?

Madame Braun:
(*zum Commissaire*)
Här Commissaire, mee da loosst se dach endlech aussoen!

Jeanny:
(*zum Viviane*)
Wann s du wëlls beichten, da géi an d' Kierch. Ech och dat
maachen eemol am Joer. Da kënnt de Paschtouer ëmmer
mat roudem Kapp aus dem Haische vu Beicht.

Commissaire Schiltz:
(*verléiert seng Beherrschung*)
Wat ass dat hei eigentlech fir en Afentheater? Sou eppes ass
mir jo nach ni passéiert. Kinnten di Dammen sech vläicht 5
Minutten zesumme räissen oder ass dat éieren zevill
verlaangt?

Jeanny:
Här Commissaire Schlotz, net ausflippen.

Commissaire Schiltz:
Scholtz, äh, Schiltz, Madame äh ...

Jeanny:
Kossowski, wannechgelift.

Commissaire Schiltz:
Kossowski, jo. An Dir, Madame Schneider, sëtzt lech erëm
wannechgelift dohinner.

Viviane:
Wannechgelift!

(*D'Viviane sëtzt sech erëm dohinner*)

Commissaire Schiltz:
(*pëspert mam Erwin*)

Här Schneider, wat ass dann nëmme mat Ärer Fra lass?

Erwin:
(*pëspert*)

Och, déi ass e bëssen duercherneen. Ech denken, si verlaangert erëm fuerchtbar no Paräis. Dir musst wëssen, si ass do gebuer.

Commissaire Schiltz:
(*schwärmt*)

Paräis, Paräis! Wat fir eng grandios Stad! Wien net eemol an sengem Liewen zu Paräis war, deem huet wierklech eppes verpasst. An di Fraen, di Fraen - ech soenlech - eng Wucht sinn déi!

Erwin:
(*pëspert*)

Jo, jo, an all Muerge steet mäi klengt Viviane virum Spigel am Buedzëmmer an hält e franséischen Dialog mat sengem Spigelbild.

Commissaire Schiltz:
Wat Der net sot!

Erwin:
(*pëspert*)

Dach, dach. Et vermësst seng Sprooch esou staark. Dës lescht huet et esouguer zwee Aen an e Mond op eng Baguette gemoolt an sech da mat er op Franséisch ënnerhalen.

Commissaire Schiltz:
(*duercherneen*)

Interessant. Mee fannt Dir net, dass dat scho bal an dat Krankhaft era geet? Ech mengen, Dir musst ganz séier derfir suergen, datt Är Fra erëm eng Kéier op Paräis kënnt. Wéinstens fir eng Vakanz.

Erwin:
Dat géif ech jo. Mee dat léift Geld.

Commissaire Schiltz:
Ech verstinn. Dann eben e kuerzen Openthalt - sou zwee, dräi Deeg!

Viviane:
(*ongedëlleg zu deene béd*)
Kënne mer elo weidermaachen?

Commissaire Schiltz:
Äh, wou war ech dann elo stoe bliwwen?

Erwin:
Beim Chalumeau.

Commissaire Schiltz:
Äh, jo, villmools Merci. Also, Här Schneidbrenner, äh, Schneider, d'Abrieche hunn Äre Schneidbrenner benotzt, fir den Trésor opzeschweessen.

Erwin:
(*ongleeweg*)
Mäi Schneidbrenner?

Commissaire Schiltz:
Jo, di Brigangen hu wuel di ganz Géigend virdu genee inspizéiert. An dunn hunn se anscheinend, ier se agebrach sënn, an Ärer Firma de Chalumeau geklaut an en herno do leie gelooss.

Erwin:
Mee an der Firma ass keng Fënster ageschloen oder eng Dier opgebrach ginn. Dat hätt ech dach an uecht geholl.

Commissaire Schiltz:
Dat sinn ebe Profien, Här Schneider. Richteg Profien.

Erwin:
Majo, da stinn ech also net am Verdacht?

Commissaire Schiltz:
Ma neen. Wann Dir deen Abroch gemaach hätt, da wier Der dach net esou domm gewiescht, Ären eegene Chalumeau, mat Ärer Adresse drop, do leien ze loossen.

Erwin:
Neen, wierklech net.

Commissaire Schiltz:
Eben. Esou domm huet sech nach kaum ee Kriminelle beholl.

Jeanny:
Elo geet et awer duer.

Viviane:
Dat fannen ech och.

Commissaire Schiltz:
(*zum Erwin*)
Ech géiflech just bieden, mat mir an Är Firma ze goen, datt ech mech do eng Kéier ëmkucke kann.

Erwin:
Kloer. D'Firma ass am Rez-de-chaussée, wéi Dir jo wuel scho gesinn hutt.

Jeanny:
Kënne mer maachen dann elo endlech eng Polenta?

Commissaire Schiltz:
(*interesséiert*)
Wat? Polenta gëtt et bei lech?

Viviane:
(*zum Commissaire*)
Jo, d'Olga mécht Polenta.

Jeanny:
(*zum Commissaire*)
Hallo, ech d' Olga Kossowski vu Kiew sinn.

Commissaire Schiltz:
Jo, Dir hat lech jo scho virgestallt, Madame Kollitzky.

Jeanny:
Kossowski, wannechgelift.

Commissaire Schiltz:
(*mësstrauesch*)
Virdu war se awer nach vu Warschau.

Jeanny:
O, ob Warschau oder Kiew. Dat e klengt Land ass, do kann ee scho mol verwiessele Stied. Dat ganz normal ass.

Commissaire Schiltz:
(*schwärmeresch*)
Ech bewonneren di italiéinesch Kichen, wann ech emol sou däerf soen, an eng Polenta ass schonn eppes ganz Besonnesches.

Jeanny:
Mee ass awer eng polnesch Polenta.

Commissaire Schiltz:
(*erstaunt*)
Kennen ech guer net.

Jeanny:
Dat eppes ganz Aussergewéinlech ass, Här Commissaire.

Commissaire Schiltz:
Wat Der net sot, Madame Kotzinsky.

Jeanny:
Kossowski, wannechgelift. Ma da kommt op d' Friessen, Här Commissaire.

Viviane:
(zum Jeanny)
Bass du verréckt?

Commissaire Schiltz:
Dat ass awer gentil, mee ech fäerte ganz, ech hu keng Zäit. De Beruff! Dir verstitt? De Beruff frësst een op! Ha, ha, e klenge Police-Witz!

Jeanny:
Zevill Aarbecht nix gutt! Commissaire musse maache Paus. Dann iesse Polenta an drénke Slibowitz. Dann erëm e bëssen Aarbecht, dann iesse Polenta an drénke Slibowitz. Dann erëm e bësse schaffen, dann iessen ...

Viviane:
't ass scho gutt, Olga. De Commissaire huet et bestëmmt verstan.

Commissaire Schiltz:
Jo, jo, ganz gentil, Olga, äh, Madame Kosslowowicz.

Jeanny:
Kossowski, wannechgelift. Awer Commissaire gesitt esou auserhingert aus. Ech kann och Bigosch maachen. Ass gudde polneschen Eintopf.

Commissaire Schiltz:
Nun, äh, dat ass ganz léif, awer ech hunn elo eigentlech keen Honger.

Viviane:
(zum Commissaire)
An ech kinnt lech e Canard à l'orange maachen.

Madame Braun:
(zum Viviane)
A wat ass dat dann?

Viviane:
(zu der Madame Braun)
Ma dat ass Int am Orangeliqueur.

Madame Braun:
O, e Wiener Tafelspitz ass dach awer vill besser, net wouer, Här Commissaire?

Jeanny:
(zum Commissaire)
Commissaire keng Fra huet - ech dat gesinn. Asse esou, oder?

Commissaire Schiltz:
Abee jo, äh ...

Madame Braun:
O, Här Commissaire, huet Är Fra lech éiere verlooss?

Commissaire Schiltz:
Majo, wéi ech scho sot, di vill Aarbecht.

Jeanny:
Vill Aarbecht, wéineg Weib.

Madame Braun:
An dobäi gesäit en dach guer net esou schlecht aus, den Här Commissaire.

Jeanny:
(zu der Madame Braun)
Stëmmt. Gesäit besser aus wéi s du.

Madame Braun:
Elo geet et awer schonn déck duer. Dir fett polnesch Gäns.

Jeanny:
(zu der Madame Braun)
Wat du wëllen, hein? Du lëtzebuergesche Schläimschësser, du!

Viviane:
(zum Jeanny an zu der Madame Braun)
Gëtt et dann elo endlech Rou?
(zum Commissaire)

An Är Fra huet lech verlooss, well Dir lech ëmmer esou op der Aarbecht ofgerackert hutt?

(De Commissaire Schiltz fänkt un ze kräischen. Den Erwin hält en an den Aarm)

Erwin:
(tréscht en)
Loosst et lafen, Här Commissaire. mmer lafe loossen.

Madame Braun:
Hach, e Commissaire, dee pinscht. Wéi romantesch! Ech mengen, ech muss elo gläich och mat kräischen. Ech kann dat guer net aneschtens.

Jeanny:
Commissaire kräische Blut a Waasser!

(D' Madame Braun hält hiert Nueschnappeg aus hirer Posch a kräischt direkt mat em)

Viviane:
(zum Jeanny)
Ma dat ass mer jo e schéine Commissaire!

Jeanny:
(zu der Madame Braun)
Lëtzebuergesch Mattant kräischt mat Commissaire. Ass sech eng Schläim-Taktik.

Erwin:
(tréscht)
Et gëtt schonn erëm gutt, Här Commissaire.

(De Commissaire berouegt sech erëm)

Commissaire Schiltz:
(zitt d' Nues erop)
Entschëllegt, Dir Dammen, et ass mat mer derduerch gaangen. Ech mengen, ech hunn datalles nach net ganz verschafft.

Viviane:
(zum Commissaire)
Soll ech lech vläicht léiwer eng Kallefsbrëschtche maachen?

Erwin:
(e bësse méi streng)
Vivi!

Viviane:
Ech hu jo nëmme gemengt.

Commissaire Schiltz:
Da muerkst een dee léiwe laangen Dag an als Belounung gëtt een dann nach sëtze gelooss. An da soll een nach mengen, datt Eierlechteet sech ausbezuelt. Ha, allez, a wann

s de net gees! Mir sinn dach di Blöd! Ech gesinn dat all Dag. Do gött eng Bank geplëmmt an d'Häre verschwannen iergendwou op enger Südseeinsel a genéissen do de Rescht vun hirem Liewen. Munnechmol sinn ech richtig neidesch op déi. Ech soen lech emol eppes: Wann de Risiko net esou grouss wär, fir gepëtzt ze ginn, dann hätt ech scho längst eng Bank iwwerfall.

Alleguer:

Awer Här Commissaire!

Commissaire Schiltz:

(erëm an der Wierklechkeet)

Oh, entschëllegt, ech hu mech goe gelooss! Mee heiandsdo muss ech an esou Dreem fort lafen, fir mäi jämmerlecht Elend erdroen ze kënnen.

(D'Jeanny steet op a geet bei de Radio)

Jeanny:

Wëssen Dir wat, Här Commissaire? Musst gutt Laun hunn, musst erëm laachen? Du verstoen? Ech ëmmer bei mir hunn CD mat Johannes Brahmskowitz. Ass schéint Lidd.

(Toun: Ungarischer Tanz Nummer 5 vum Brahms - geschnitten op ongeféier 1 Minutt)

(D'Jeanny erwëscht de Commissaire a flitzt mat em iwwer d'Bühn, iwwerdeems di aner ëmmer en haart "Hoi" an d'Lidd era schmetterten. Den Erwin steet um Rand vun der Bühn a rëselt nëmmen de Kapp. Iwwert dem Danze verléiert de Commissaire säi Portefeuille. Kuerz virum Enn vum Lidd verléiert de Commissaire och nach säin Toupet wéinst deem schmassegen Danz. D'Lidd ass fäerdeg an d'Madame Braun hieft den Toupet séier erëm op)

Jeanny:

(zum Commissaire)

Hunn ech zevill versprochen? Huet Commissaire elo eng besser Laun?

Commissaire Schiltz:

(ausser Otem)

Jo, äh, mee duerfir hunn ech awer mäin Toupet verluer.

(D'Madame Braun reecht him en an de Commissaire Schiltz setzt sech den Toupet verkéiert op. D'Jeanny sëtzt sech erëm)

Madame Braun:

Dir musst wëssen, mäi Mann, Gott getréischt, de Fernand, ass och viru véier Joer vu mir gaang.

Commissaire Schiltz:

Dat deet mer awer leed.

Jeanny:

Hätt e kënne scho mi fréi maachen, deen aarme Fernand.

Madame Braun:

(mécht, wéi wann se näischt héieren hätt)

An elo sinn ech ganz eleng. Ganz eleng wunnen ech zwee Stäck ënnert der Madame Schneider. Wann Dir emol Zäit hätt, kinnt Dir jo mol roueg op eng Tiesche Kaffi laanscht kommen. Wësst Der, ech hu mer nämlech elo kuerz eng nei Kaffimaschinn gelescht. Vun 349 op 249 Euro erof gesat. Eng richtig gutt Affaire.

Viviane:

(zu der Madame Braun)

Wat Dir net sot? Dat interesséiert de Commissaire elo awer ganz staark.

Commissaire Schiltz:

Äh, neen, äh ...

Madame Braun:

Dach, dach. Si huet eng Apparatur fir ze muelen, déi sech verstelle léisst, ech weess zwar net genau firwat, e Waassertank, deen ee kann erofhuelen, e Behälter fir d'Kaffisbounen, eng Füllung fir d'Tasen, déi ee ka programméieren, eng Zull, wou de Kaffi rausleeft, di en an der Héicht ka verstellen, en Thermoblocksystem, eng Plattform fir d'Tasen ofzestellen, di gehëtzt gött, séieren Damp, eng 2-stufeg Schaumdüs, eng Belichtung vun den Tasen an esouguer en automatesche System fir ze spullen an ze entkalleken.

Jeanny:

Da feelt just nach e Cric.

(D'Madame Braun kuckt d'Jeanny rosen un)

Viviane:

(zu der Madame Braun)

Elo sot nach just, dass Dir mat deem Kraaftwierk och nach Kaffi maache kënnt?

Madame Braun:

(zum Viviane)

A wat fir een, Madame Schneider. Wat dee fir en Aroma huet, e Gedicht. Et kinnt ee bal mengen, ech hätt fréier nëmme Spullwaasser gedronk. Also, ech kann elo Kaffi, Espresso a Cappuccino maachen. Déi schmaache genau sou gutt wéi beim Italiéiner! Iwwerleet lech et, Här Commissaire.

Commissaire Schiltz:

Äh, jo, Madame Brong, awer ech ...

Madame Braun:

Braun, Här Commissaire, Braun.

Commissaire Schiltz:

Äh, natierlech. Entschëllegt villmools.

Jeanny:

(zu der Madame Braun)

Mir a Polen och hunn Kaffimaschinn. Ass eng kleng Këscht Holz. Du ech fülle Kaffi dran, dréien drëssegmol un engem Grëff a fäerdeg! An alles ouni Stroum!

Madame Braun:

(trotzeg iwwer d'Schëller)

Ah, wat Dir net sot.

Erwin:

(zum Commissaire)

Kënne mer dann elo endlech an d'Firma?

Commissaire Schiltz:

Äh, jo, ganz gären, Här Schneider. Ech wënschen deenen Dammen nach e schéinen Dag.

D' Dammen:

Au revoir, Här Commissaire.

Commissaire Schiltz:

Äddi!

(Den Erwin an de Commissaire verloossen d'Bühn)

Jeanny:

(weist op de Portefeuille)

Aha, wat läit dann do um Buedem?

Viviane:

Wat ass dat dann?

(D'Jeanny steet op an hält de Portefeuille an d'Hand)

Jeanny:

Huet de Commissaire éieren säi Geldbeidel verluer?

Viviane:

Na ja, da wäert en e geschwënn erëm siche kommen.

(D'Jeanny leet de Portefeuille op den Dësch a sëtzt sech erëm)

Madame Braun:

(zum Viviane)

Also, Madame Schneider, Dir wäert mer verzeien, mee iergendwéi ginn ech dat Gefill net lass, datt hei iergendeppes net stëmmt.

Viviane:

Ach wat. Dat billt Dir Iech nëmmen an.

Madame Braun:

Besounesch Är polnesch Frëndin schéngt mer net ganz kauscher ze sinn!

Jeanny:

(zu der Madame Braun)

Du elo besser verschwanne muss, lëtzebuergesch Wiederhex. Ech hunn nach wichteg Geschäfte mat der Madame Schneider ze beschwätz.

Madame Braun:

A wat fir engem Toun ried Dir da mat mir?

Jeanny:

A richteg Toun. Du just kommen ausspionéieren anere Nopesch. Au revoir, Madame Braun.

(D'Madame Braun steet op)

Madame Braun:

Esou eng Onverschimtheit.

Viviane:

Nee, déi mengt et net esou, d' Olga. Gelldu, Olga?

Jeanny:

Dach! Olga mengt ëmmer, wat Olga seet.

Viviane:

(zu der Madame Braun)

Ah sou. Dir hutt se virdrun eben ze vill beleidegt, Madame Braun. D'Pole brauchen zimlech laang, fir esou eppes ze vergiessen. Gelldu, Olga?

Jeanny:

Pole e ganz nodroend Vollekchen.

Madame Braun:

Abee, da ginn ech léiwer. Vlächcht huet d'Olga et beim nächsten Treffe scho vergiess.

Jeanny:

Olga mengt net.

Viviane:

Sou, Madame Braun. Da bis di nächste Kéier!

Madame Braun:

Jo, Madame Schneider, bis geschwënn. Äddi, Olga.

Jeanny:

Pa!

(D'Madame Braun verléisst d'Bühn)

Jeanny:

(schwätzt erëm normal)

Sou, déi si mer lass. An, wéi hunn ech dat gemaach?

Viviane:

E bësse rau vlächcht!

Jeanny:

Neen, ech mengen, ech war dach eng gutt Polin, oder?

Viviane:

Super hues de dat gemaach. Besounesch, wéi s de de Commissaire op d'lessen agelueden hues. Do hunn ech ganz dättelech gemierkt, wéi meng Häerzkränzodere lues a lues ofgestuerwe sinn.

Jeanny:

Ma dat hunn ech dach nëmme gemaach, fir esou wéineg Verdacht wéi méiglech op eis ze kéieren.

Viviane:

Jo, jo, ech weess.

Jeanny:

An et huet geklappt. De Commissaire huet dach iwwerhaapt näischt gemierkt. Dee géif eis dach nimools verdächtegen!

Viviane:

Stëmmt. Eigentlech misst ech dir fir deng Blödheet Merci soen.

(D'Jeanny hält seng Hänn virum Viviane säi Gesiicht)

Jeanny:

An? Wéi fënns de se?

Viviane:

Wat? Wéi fannen ech wat?

Jeanny:

Ma meng nei Fangerneel!

Viviane:

Ah, déi. Jo, ganz schéin. An esou faarweg.

Jeanny:

Gell?

Viviane:

Du hues dech jo ganz schéin opstyle gelooss, wann ech dech esou bekucken.

Jeanny:

Als Fra musse en alt esou munneches maachen, fir op d' Männerwelt attraktiv ze wierken.

Viviane:

Wëlls du domat vlächcht iergendeppes undeiten?

Jeanny:

Ech? Neen. Ech mengen nëmmen, esou e bësse Faarf kinnt dir vlächcht och ganz gutt zu Gesiicht stoen.

Viviane:

Elo maach awer mol e Punkt. Ech wäert mech dach net esou eraus fize loosse wéi s du. Du gesäis jo aus wéi e stilechte Picasso.

Jeanny:

Dat do ass jo net ze gleewen. Mee léiwer e stilechte Picasso wéi eng Kuelenzeechnung vum Beuys.